

Aloyse BISDORFF

# "National Identitéit kann ee nët lassléise vu Klasseninteressen"

*Den Här Aloyse BISDORFF as Deputéierte vun der Kommunistescher Partei vu Lëtzebuerg.*

*forum: Bei der Diskussioun an der Chamber iwwer d'Lag vun der Natioun as vun der Säit vun der Regierung sougutt wéi vun der CSV, e puermol de Begrëff "lëtzebuerger Aart" gefall, "déi onbedéingt misst erhale gin". Déi lëtzebuerger Aart as awer keng Kéier definéiert gin. Hut Dir eng Iddi, wéi een se kéint definéieren?*

Aloyse Bisdorff: Ech mengen, datt deen Ausdrock wuel fir d'éischt gefall as am Zesummenhank vun der nationaler Solidaridéit, déi verschidde Leit wëllen an de Vierdergrond setzen, fir am Kader vun der Krisis elo hir Auswierkunge méi op d'Bevölkerung kënnen ofzewälzen, an der Bevölkerung dat éischter schmackhaft ze maachen; a wann ech mech gudd erënneren as dat do och gesot gin an engem Zesummenkank, deen un de Krich erënnert huet. Et gouf gesot, dass och do a schwirigen Zäiten duerch d'national Bewosstsin oder duerch d'Zesummeston vun der lëtzebuerger Bevölkerung d'Schwirigkeeten ofgewandt gi sin. Ech mengen, 't as also eng Saach, déi am Zesummenhank mat der wirtschaftlecher Entwécklung muss gesi gin, an déi haaptsächlech an déi Richtong geet, fir de Leit,a


besonnesch der schaffender Bevölkerung, dëi sougenannt national Solidaritéit schmackhaft ze maachen, dëi doranner besteet, datt si mussen Opfer brëngen fir dass verschidde Leit an hire wirtschaftlechen Aktivitéite kënne weiderfueren. Dat as mënger Meenong no den dëiweren Inhalt; dat geet och doraus-ser ervir, dass eben dëi Leit, dëi deen Ausdrock gebraucht hun, selwer keng kloer Definitioun dovunner gin hun.

*forum: Heescht dat, dass et jhust ëm e Slogan geet, deen eventuell guer nët se definéieren as? Gët et tatsächlech eng national Identitéit? Oder as dat e politësche Begrëff, deen nëmmen aus Propagandazwëcker forméiert gin as?*

A.Bisdorff: Neen, et gin effektiv Natiounen an doduerch gin et jo och national Identitéiten, dëi bedëngt sin durch historesch Entwécklongen, durch Charakteristiken, dëi sech aus dem Laf vun der Zäit ergin. Awer als Marxisten musse mer oppassen, a kloer soen, dass national Identitéit oder Nationalismus nët ka gesi gin lassgeléist vu Klasseninteressen. Wat vill mëi dëif as wëi national Identitéit oder national Egenschaften, dat sin dëi Differenzen, dëi et innerhalb vun esou Gruppe gin, an dëi op Masseninteresse berouen. Op een dëi nämmlecht Faarw vu Pass huet heescht nach laang nët, dass een dëi nämmlecht Interessen huet; ech fille mech vill mëi verbonne mam südafrikaneschen Aarbechter, dee vun der ganzer Kultur hir aner Viraussetzunge matbrëngt wëi ech selwer, wëi mat dem lëtzebuerger Grousskapitalist. Marxisten schwätzen dovir vum sougenannten proletareschen Internationalismus.

*forum: Ech mengt, et kéint een ouni z'iwwerdreiwe soen, datt een e gewëssene "renouveau" vu nationalen oder patriotëschen, wa nët souguer nationalistesche Gefiller ka feststellen. Dat gesäit een z.B. un enger mëi grousser Bedeelegung un Nationaldaagsfeierlechkeeten oder u folkloristischen Duerffester oder Radiosemissiounen. Kann een dat esou erklären, dass schon een Deel vun der Bevölkerung op dee Slogan eragefall as vun der nationaler Identitéit, dëi mir nees mussen eremfannen, a vun der nationaler Solidaritéit, oder gët et duervir och nach eng aner Erklärung?*

A.Bisdorff: Et as eng allgemeng Feststellung, dass an der Entwécklung vun der Krisis d'Nationalismen mëi erem an de Vierdergrond gestallt gin; dat gesi mer och um ökonomësche Plang. Nach ni waren d'Schwiregkeete vun der ökonomescher Integratioun an och d'Ausenanerstriewen vun nationalen Interessen innerhalb vun der EG esou grouss ewéi elo. Dat as eng objektiv Saach, dëi kann ee nët aus der Welt schafen. D'Interesselage sin eben ënnerschidlech. Wa mer vun engen Fëschereikrich schwätzen, wann Dänemark oder wa Grönland hir egen Interessen nët wëllen opgin am Kader vun deene gréisseren supranationalen Organismen dann as dat eng Saach, dëi ze verstoen as. Mer sin souguer der Meenung, dass een do dëi national Interessen muss an de Vierdergrond setzen, aus deem einfache Grond well eng international Zesummenaarbecht och nëmme ka fonktionnéieren wann deem engen an deem anere sëng Interessen oprecht erhale gin, wann also geschafft gët am géigesäitegen Interessi.
Eng zweet Saach as dëi heiten, dëi nët um ökonomesche Plang läit: et gi verschidde Wäerter um Plang vum Folklore, um Plang vun den historeschen Tatsaachen, dëi riskéiere verluer ze goen, wann een se nët opsicht oder nët opbewaart. An deem Sënn as esou eng Bewegong nët negativ. Et as scho gutt, dass Leit sech drëm këmmeren, dass de lëtzebuerger Folklore, dass dëi lëtzebuerger Gebräicher nët verluer gin a weidergedroe gin. Dat as e bestëmmte kulturelle Besëtztum, deen een nët soll sou ouni weideres opgin.



*forum: Besteet trotzdem nët eng Gefor, dass dat grad an Zäite vu Krisis vu politescher Säit ka mëssbraucht gin zu nationalisteschen Zwecker, besonnesch wann een eis demografesch Situatioun bedenkt: 1/4 vun der Bevölkerung si jo Nët-Lëtzebuerger?*

A.Bisdorff: Mir si jo eng kleng Natioun; mer kënnen nët an deem Sënn nationalistesch ausgenotzt gin, datt mer eisen Nationalismus engem aneren dëiten opdrängen. Dee Nationalismus, deen a sënger weiderer Entwécklung jo zum Chauvinismus gët, deen doranner besteet dass ee sëng eegen Natioun, sëng eegen Egenschaften oder Virzich mëi héich aschätzt wëi dëi vun den aneren an doduerch dëi ideologesch Basis schaaft fir kënnen anerer ze ënnerdrëcken; dëi Gefor, dëi besteet jo kaum an eisem Land, an deem Sënn, dass mir kënnten elo no baussen nationalistesch optrieden.
Op där anerer Säit huet d'Tatsaach datt mer zënter dem Ufank vun dësem Jorhonnert e groussen Undeel un Auslänner hun, och Problemer mat sech bruecht, mä si bedeit och e bestëmmte Räichtum, nët nëmmen doduerch, datt dëi auslännesch Matbierger produktiv matschaffen, mä och doduerch, datt se eege Gebräicher, national Gepflogenheeten mat erabrëngen. Et as schon eng Beräicherung, wann ee nëmme kuckt, wëi eis Iessgewunnechten, eis Kichen sech geännert hun duerch den Afloss souwuel vu Frankräich, mä virun allem och vun der italéinescher Bevölkerung, dëi schon iwwer Jorzingte bei eis as. Duerfir gesin ech nët eng direkt Oppositioun an der Oprechterhalung vun eisen Egenschaften vis-à-vis vun deenen vun den auslännesche Matbierger, mä eng Integratioun oder eng Additioun an eng géigesäiteg Beräicherong si ganz gutt méiglech.

*forum: Als Ideal gëing ech dat duerchaus ënnerschreiwen, mä sin d'Tatsachen esou?... Et huet een öfters Geleeënheet iwwer sou Saachen ze diskutéieren. Dann huet een heiansdo Angscht, well et dach staark antiauslännesch Tendenzen gët, dëi dëi Situatioun guer nët als Beräicherung ugesin, mä ëischter als Verfriemung.*

A.Bisdorff: Deem muss een entgéint wierken, dat as ouni Zweifel richteg; Friemenhaass as an eisem Land nët denkbar, weder ökonomesch nach a soss ëngem Sënn. Et as selbstverständlech esou, dass Schwiregkeeten optrieden, wann den Undeel vun der auslännescher Bevölkerung iwwer ee bestëmmten Ausmooss uwiesst. An dëi Schwiregkeete gin da mëi grouss wann ökonomesch Problemer derbei kommen.

*forum: Dir hut virdrun d'Immigratioun ëischter als ëng Beräicherung vun eiser Kultur dohinnergestallt; den Afloss vun der auslännescher Televisoun z.B., vun der auslännescher Press am allgemengen, gesitt Dir deen och als Beräicherung oder ëischter als Gefor fir eis national Identitéit?*

A.Bisdorff: Den Afloss vun der Televisioun, a besonnesch vun der westdäitscher Televisioun gesin ech am politesche Sënn nët als eng Beräicherung, am Géigendeel, souguer als eng bestëmmte Gefor, wann een d'Inhalter kuckt, déi do gewise gin. Dat as net nëmmen fir d'Televisioun de Fall, mä dat bezitt sech och op d'Schrëfttum. Wann ee gesäit, wéi grouss d'Verbreedung vun enger BILD-Zeitung hei an eisem Land as, dann as dat a kengem Fall eng Beräicherung, mä am Géigendeel, dat as schon éischter eng Veraarmung um geeschtesche Plang. Et wier souguer eventuell noutwendeg, dass eis eegen Institutiounen um Gebitt souwuel vun der Televisioun wéi och vum Radio nach méi Sendungen géngen erméiglechen, déi sech op eis Bevölkerung géingen bezéien an eiser Sproch géife gemaach gin.

*forum: Dir hut virdru gesot, als KP géingt Dir verstoen, dass déi national Interessen, an dat jo dann och um Niveau vun der Press z.B., kloer géife verteidegt gin; anerersäits hut Dir och betount, dass d'Klassesolidaritéit fir Iech méi wichteg as ewéi déi national Identitéit. Kënnt een dat nët als e gewësse Widersproch verstoen?*

A.Bisdorff: Dat kënnt een als e gewësse Widersproch verstoen, wann een et nët gesäit am Kader vun de Bestriewungen, déi bestin um wirtschaftlechen a politesche Plang supranational Strukturen dohinner ze setzen déi eisen eegenen Interessen entgéintgeriicht sin. Et geet nët, dass am Parlament Gesetzer op d'Dagesuerdnung kommen, déi soss näischt sin wéi d'Afschrëft vun enger EG-Direktiv ouni Bezuch op eis eege Situatioun. Et besteet e Widersproch vläicht an deem Sënn, dass mer op der enger Säit national Interesse verdeedegen, wat eiser Meenung no och vollstänneg gerechtfertegt as, wann et am allgemengen Interesse vun eiser Bevölkerung as, an op där anerer Säit awer un der Ausenanersetzung deelhuelen déi sech mécht um internationale Plang, an déi doduerch besteet dass zwee sozio-ökonomesch Systemer op der Welt existéieren, déi a Konkurrenz leien. An an där Ausenanersetzung, sti mër natirlech op der Säit vun där Klass, déi dat neit System opbaut an entwéckelt, an dat as ganz kloer dat sozialistescht, an do hannendrun als Klassestruktur steet d'Aarbechterklass. An duerfir as de Begrëff vum proletareschen Internationalismus fir eis eben d'Solidaritéit mat deene Bevölkerungsschichten an deene verschiddene Länner, déi fir déi Entwécklung kämpfen, egal op dat elo politesch as oder op et heiansdo muss mat der Waff geschéien, wou dat leider noutwendeg as, z.B. a Südafrika oder a Mëttelamerika.

*forum: Ech hun d'Impressioun wéi wann an der praktescher Politik vun der KP- mol nët nëmmen zu Lëtzebuerg, mä ech denken do virun allem och u Frankräich- déi national Interesse vill méi staark betount gin ewéi de proletareschen Internationalismus. Ech denken z.B. u Plakater, op deenen national Faarwen z.B. ëmmer nees matgebraucht gin ..*

A.Bisdorff: Et kann een esou guer soen, dass verschidden allgeméng Gesetzmässegkeeten, wéi Entwecklungsstufen, fir de Sozialismus opzebauen, heiansdo nët genuch berücksichtegt gin vis-à-vis vun eenzelnen lokalen oder nationalen Besonnerheeten, déi vläicht als iwwerspëtzt durgestallt gin. Dat stëmmt, mir sin nët der Meenung, dass et e franséische Sozialismus oder een italéineschen oder souguer een euro-kommunistesche géing gin, grad esou wéineg wéi et een Austro-Marxismus gët. Dee Feeler mécht déi lëtzebuerger kommunistesch Partei nët; mä mir kënnen natiirlech nët deenen aneren diktéieren, wat fir eng Haltung si sollen anhuelen.

*forum: Ech soen Iech merci, Här Bisdorff.*